tage ass, wann een eng vun deenen zousätzleche Sproochen do léiert.

Wa mer awer elo gesinn, datt, wa mer eng Offer maachen, déi mer fräiwélleg maachen an awer an zwou Regioune vun eisem Land, eng Kéier am Zentrum an am Süden, an den Zousproch an d'Notzung dovunner awer esou limitéiert sinn, da warnen ech awer virdrun, fir elo driwwer nozedenken, datt déi Schüler, déi net fräiwélleg dovunner wëlle Gebrauch maachen, datt mer déi elo an déi Coursen do knëppelen, andeems mer soen: „Elo musst der dat dann obligatoresch iwwerhuelen." Duerfir, denken ech, solle mer bei deem bleiwen, wat mer haut hunn: déi Schoulen ënnerstëtzen, déi d'Moyenen hunn an Interessi hunn, a Fonctioun vun hirem Schoulprofill, dat dote kënnen unzebidden, déi Ressourcen zur Verfügung ze stellen.

An, wéi gesot, duerfir dat, wat hei gefrot gëtt, hu mer eigentlech haut schonn zum groussen Deel an eise Schoulen, ass Realitéit. Et ass eng Offer do. Wa Schoule bereet wären, déi nach wëllen auszebauen, da wäerte se och vun eis aus sécherlech déi Ënnerstëtzung kréien. Ech wëll awer och nach eng Kéier soen, datt mer dat am Kontext vun enger Schoulautonomie gesinn, datt d'Schoule solle kucken, wat hire Profill ass, wat fir eng Sproochenoffer bei si passt, bei hir Schüler passt, wat interessant kéint sinn, wat vläicht de Lycée niewendrun net huet, wat si duerfir kéinten ubidden.

An duerfir, denken ech, ass dat och net direkt eng Fro fir e Minister, fir eng Regierung a fir e Parlament, mä dat muss och an de Schoulen herno kënnen tranchéiert ginn a Fonctioun vun de Ressourcen an den Interessensgebidder.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci, Här Minister. An den Auteur vun der Motioun huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot fir eng Prezisioun.

M. Fernand Kartheiser *(ADR), auteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech Merci soen, well bei alle politesche Géigesätz, déi nun eemol e Parlament kennzeechnen, hunn ech keen héieren, dee gesot hätt, Russesch wär net wichteg oder et wär net gutt, wann d'Kanner och déi Sprooche géife léieren oder déi Sprooch géife léieren. Villméi ass heiansdo gesot ginn, et wär gutt, wann och aner Sprooche géifen a Fro kommen, wougéint kee Mënsch eppes huet. Mä haut hu mer eis eben als Sujet erausgesicht déi russesch Sprooch. An ech gesinn, datt awer iwwer all Partei ewech do en Interessi derfir do ass, an datt och d'Regierung jo seet, datt se an engem bestëmmte Mooss dat wëllt ënnerstëtzen.

Wat ech wëll kloerstellen, dat ass, datt den Här Minister gesot huet, et géif drëm goen, eppes obligatoresch ze maachen. En huet souguer gesot, d'Kanner „knëppelen". Dat ass absolutt net dat, wat mir proposéiert hunn, weder d'Knëppelen nach obligatoresch! Mir hu just d'Regierung invitéiert, ze kucken, ze étudiéieren - steet an der Motioun -, ob et net méiglech wär, dat Fach an engem anere Status an eise Schoulen ze enseignéieren. Also net nëmme fräiwélleg Coursen, déi jo och sollen ënnerstëtzt ginn, mä och kucken, ob et méiglech wär, et an de Curriculum op eng méi offiziell Manéier anzeféieren. Dat ass eppes anescht wéi obligatoresch a scho guer net knëppelen.

Mä dat wollt ech kloergestallt hunn. Ech zéien aus dëser Diskussioun eng insgesamt positiv Bilanz fir déi russesch Sprooch. Ech hoffen, datt ëmmer méi Leit hei am Land, Professere sougutt wéi Schüler, sech derfir interesséieren, well et ass eng fantastesch Kultur, déi hinnen doduerch kann opgoen. An ech soe Merci fir dës Diskussioun.

Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och. An da géife mer zum Vott iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. D'Motioun ass mat 32 Nee-Stëmmen, 25 Enthalungen an 3 Jo-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Gast Gibéryen).

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Alex Bodry), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty (par M. Eugène Berger), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da géife er zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6624, deen den elektronesche Firmeregëster aféiert an d'Prozedur fir d'Veröffentlechung vu Gesellschaftsakte reforméiert. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Franz Fayot.

9. 6624 - Projet de loi

modifiant, en vue de réformer le régime de publication légale relatif aux sociétés et associations,

- la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises,

- la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales,

- la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations sans but lucratif

- l'arrêté grand-ducal du 24 mai 1935 complétant la législation relative au sursis de paiement, au concordat préventif de faillite par l'institution du régime de gestion contrôlée;

- l'arrêté grand-ducal modifié du 17 septembre 1945 portant révision de la loi du 27 mars 1900 sur l'organisation des associations agricoles;

- la loi modifiée du 24 mars 1989 sur la Banque et Caisse d'Épargne de l'État, Luxembourg;

- la loi modifiée du 25 mars 1991 sur les groupements d'intérêt économique;

- la loi modifiée du 25 mars 1991 portant diverses mesures d'application du règlement CEE n°2137/85 du Conseil du 25 juillet 1985 relatif à l'institution d'un groupement européen d'intérêt économique (GEIE);

- la loi modifiée du 17 juin 1992 relative aux comptes annuels et comptes consolidés des établissements de crédit;

- la loi modifiée du 8 décembre 1994 relative aux comptes annuels et comptes consolidés des entreprises d'assurances et de réassurances de droit luxembourgeois aux obligations en matière d'établissement et de publicité des documents comptables des succursales d'entreprises d'assurances de droit étranger;

- la loi modifiée du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés;

- la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation;

- la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la Société d'investissement en capital à risque (SICAR);

- la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de SEPCAV et ASSEP,

- la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés;

- la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement;

- la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif;

- la loi du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances;

- la loi du 18 décembre 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement

Rapport de la Commission juridique

M. Franz Fayot *(LSAP), rapporteur.-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, ech si jo nach net ganz al, mä wann ee mer am Ufank vu menger Affekotecarrière vum RESA geschwat hätt, dann hätt ech gemengt, et géif ee mir eng Science-Fiction-Geschicht erzielen. Deemools, dat war Mëtt den 90er Joren, sinn déi jonk Affekotestagiairen, déi an Étudë geschafft hunn, wou Droit des sociétés gemaach ginn ass, mat hiren Dossieren an och souguer mat portabele Fotokopiesmaschinnen, déi eng gefillten Tonn gewien hunn, an deen ale Palais de Justice gewandert, wou elo geschwënn den Ausseministère hikënnt, fir do an den RCS ze goen, fir Dossieren ze consultéieren an Dépôten ze maachen.

Do huet een dann am Couloir gewaart, bis d'Luucht gréng ginn ass a bis ee konnt eragoen, an dann ass ee meeschtens vun engem zimlech granzege Préposé empfaange ginn an et krut ee säin Dossier. Munch Dossieren, ech schwätzen hei natierlech vu Pabeierdossieren, waren net komplett. A bei méi ale Gesellschaften hunn alt emol e puer Jorzéngte gefeelt. Dat war eben esou.

Et war och eng Zäit, wou ee konnt en Akt selwer enregistréiere goen an da beim Imprimeur eng Annonce reservéieren; beim Victor Buck konnt een eng Plaz am Mémorial C reservéieren, dass et méi schnell sollt goen.

Dat ass d'Préhistoire vum Registre de Commerce et des Sociétés. A wann ee bedenkt, dass dat 20 Joer hier ass, da muss ee soen, dass d'Evolutioun vun deem Regëster scho remarkabel ass.

Dee Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ass déi drëtt Etapp an der Reform vum Firmeregëster, déi 2003 ugefaangen huet. Den éischten Deel ass duerch d'Gesetz vum 19. Dezember 2002 gestëmmt an ëmgesat ginn, dat d'Reorganisatioun an d'Verbesserung vun de Grondservicer vum Regëster gemaach huet.

Mam zweeten Deel, duerch d'Gesetz vum 20. Abrëll 2009 iwwert den Dépôt par voie électronique, sinn eng Systematiséierung vun der elektronescher Prozedur an eng Verbesserung vun der Enregistrementsprozedur an och d'Nummeriséierung vun den Archiven agefouert ginn. Vun do u war dat ganzt Archiv vum Mémorial C disponibel op Internet.

Dat Gesetz, dat mer haut stëmmen, vervollstännegt d'Reform vum Regëster duerch d'Aféiere vun enger elektronescher Plattform, dem Recueil électronique des sociétés et associations, mam Akronym RESA, deen iwwert d'Website vum Registre de commerce accessibel ass an op deem vun elo un all d'Dokumenter, déi am Zesummenhang mat Gesellschaften déposéiert musse ginn, direkt disponibel sinn.

Här President, ech sinn de 24. Juni 2015 Rapporteur vun dësem Projet de loi genannt ginn, also bal e Joer hier. Ech wëll hei der Presidentin, dem Viviane Loschetter, vun der juristescher Kommissioun, an och de Membere vun der juristescher Kommissioun Merci soe fir d'Vertrauen, dat se mer als Rapporteur schenken, net nëmme bei dësem Projet de loi, mä och bei aneren. Den Droit commercial ass e bësse mäin Dadda. An dëst ass deen éischten an enger Serie vun Texter, déi dëse fir eis Ekonomie esou wichtege Rechtsberäich vum Droit commercial seriö reforméiere wäerten.

No dësem Projet de loi iwwert de RESA kënnt näämlech de Projet de loi 5730, en décke Batz, deen d'Gesellschaftsrecht moderniséiert. Duerno kënnt d'Sàrl à un euro an da kënnt och iergendwann eng Kéier hoffentlech Enn des Joers oder Ufank d'nächst Joer de Projet de loi, deen d'Faillitterecht moderniséiert.

Dat sinn alles Projeten, op deene vill an intensiv geschafft ginn ass an déi eisen Droit commercial méi modern, méi kompetitiv wäerte maachen an och domat eis Ekonomie besser wäerten opstellen, an all dat, ouni Nischepolitik an ouni Steiertricksereien, fir de bon Mot vun eisem Ausseminister hei ze gebrauchen.

Här President, dëse Projet de loi huet dräi Voleten, op déi ech kuerz wëll agoen.

Éischtens schaaft en eng zentraliséiert elektronesch Plattform, de RESA, fir den Dépôt vun all Akten, déi Gesellschaften, Commerçanten an Associatioune musse laut Gesetz beim Firmeregëster hannerleeën. Et ass dëst, wéi gesot, déi drëtt Phas an der Reform vum Firmeregëster. Déi grouss Etappen, bis heihin, kënne sech wéi folgt relativ einfach resüméieren: Déi éischt Phas huet dra bestanen, de Firmeregëster an e GIE ëmzewandelen a seng Datebank auszebauen. Duerno ass och d'Liwwerung vun Extraite méi performant ginn. Haut ginn der ongeféier 700 all Dag erausgeschéckt.

Säit 2007 ass och den elektroneschen Dépôt duerch Internet méiglech. Et gëtt och haut keen Enregistrement méi vun den Akten. Et gëtt een haut alles direkt beim RCS eran an da gëtt et publizéiert.

Den elektroneschen Dépôt ass no e puer ufängleche Retizenze gutt empfaange ginn a gëtt haut allgemeng ugewannt. Et muss een haut net méi selwer dohinnergoen. Haut ass den Taux d'usage vum elektroneschen Dépôt bei 97%. Et gëtt ëmmer nach 3% vun den Déposanten, déi léiwer e physeschen Dépôt maachen, wat se och kënne maachen, zum Beispill iwwert d'Beruffskummeren, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers. Mä egal wéi gëtt haut schonn all d'Informatioun nummeriséiert an enger Datebank an ass do disponibel.

Den zweete Volet vun dësem Projet de loi besteet an enger Änderung vun der Prozedur fir d'Veröffentlechung vun den Akten. Dir wësst, dass d'Gesellschaftsrecht, mä och munch sektoriell Gesetzer jo d'Verflichtung virgesi fir d'Gesellschaften, fir eng Rei Informatiounen ze veröffentlechen, zum Beispill, wa se hir Statuten änneren, wa se hire Conseil d'administration wiesselen, wa se hir Konte veröffentlechen, et cetera.

Bis elo ass den Dépôt vun der Veröffentlechung getrennt ginn. Et fëllt een de Formulaire um Site vum RCS aus an et annexéiert een en Extrait, deen dann am Mémorial C publizéiert gëtt. Dat gëtt vun engem private Prestataire gemaach an dauert zirka dräi bis véier Wochen.

Elo war awer de Constat, dass de Volet vun der Veröffentlechung am Mémorial C Zäit a Geld kascht. D'Fiche financière vum Gesetz renseignéiert véier Millioune fir d'Publikatioun am Mémorial C, woubäi een awer muss soen, dass déi am Fong neutraliséiert gi sinn duerch déi Fraisen, déi d'Déposantë bezuelt hunn. Mä et huet awer Geld kascht.

Fir de Moment gëtt eben, wéi gesot, déi Veröffentlechung vun engem privaten Operateur gemaach. An domat soll elo ab 1. Juni Schluss sinn. Déi dräi bis véier Woche waren net schlecht, mä et ass ze laang, wann ee kuckt, dass den Dépôt direkt ass an dass een dat Ganzt kann och méi direkt accessibel maachen.

Duerch eng Standardiséierung a Vereinfachung vum Formulaire fir den Dépôt gëtt elo op all Interventioun vun engem Mataarbechter vum Regëster verzicht. Den Dépôt an d'Veröffentlechung geschéie quasi zäitgläich. An all déposéiert Dokument taucht an engem Relevé fir déi jeeweileg Gesellschaft op.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Vum 1. Juni un a fir eng Period vun dräi Méint wäert de RESA da mam Mémorial C koexistéieren. Wärend deenen dräi Méint ginn all déi Akten, déi bis zum 1. Juni nach déposéiert goufen, am Mémorial C weiderhi publizéiert, an all déi aner Akten, déi nom 1. Juni déposéiert ginn, kommen an de RESA.

D'Avantagë vum neie System si relativ kloer: engersäits d'Rapiditéit vum Dépôt an natierlech d'Publikatioun, déi elo näischt méi kascht. Déi Gratuitéit wäert an engem Règlement grand-ducal festgehale ginn.

Madamm Presidentin, den drëtte Volet betrëfft d'Immatrikulatioun vun de Fongen ouni Rechtsperséinlechkeet, de Fonds commun de placement. Déi Fongen hate bis elo keng Nummer am Firmeregëster an och keen Dossier do. Dat war esou, well bis elo déi Gesellschaften, déi déi Fonge géréiert hunn, d'Sociétés de gestion, hu misse lëtzebuergesch sinn an doduerch noutgedrongen am Registre de commerce enregistréiert waren, an eben dann hunn déi Fongen do hire Règlement de gestion déposéiert a waren also esou erfaasst.

Dat huet sech geännert mam Gesetz vun 2011, dat d'Direktiv iwwert d'Fonds d'investissements alternatifs ëmgesat huet a wat mat sech brëngt, dass säithier och auslännesch Sociétés de gestion kënne Lëtzebuerger Fonge géréieren. Där gëtt et nach net esou vill, mä dat ka sech änneren. An dann ass de RESA natierlech d'Plaz fir den Dépôt vun deenen Dossieren.

Um juristesche Plang ginn déi meescht Änderungen an d'Gesetz vum 19. Dezember 2002

iwwert den RCSL an d'Konte vun den Entreprisen ageschriwwen. Mä et ginn awer och eng ganz Rei Gesetzer, notamment dat vun 1915 iwwert d'Gesellschaften, wéi och eng Rei sektoriell Gesetzer geännert, all Kéiers mam Zweck, fir d'Referenz op de Mémorial C ze remplacéiere mat enger Referenz op de RESA.

Madamm Presidentin, zum Schluss nach e puer Wuert zur parlamentarescher Prozedur. De Projet de loi ass de 4. Oktober 2013 déposéiert ginn. Et sinn Avise komm vun der Chambre des Métiers, vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Notaires, déi alleguerten zimlech favorabel sinn an déi déi Simplification administrative begréissen, déi mer mat dësem Text hei maachen.

De Statsrot huet am Ganze véier Avise ginn, déi verschafft gi si vun der Commission juridique, an dat war eng zum Deel fastidiéis, awer spannend Aarbecht. Dir kënnt dat alles am Detail a mengem Rapport noliesen zu dësem Projet de loi.

Ech géif zum Schluss nach gären de Kolleegen aus der juristescher Kommissioun Merci soen, och dem Minister a senge Mataarbechter, déi ganz vill heirobber geschafft hunn. An ech géif dann och gären natierlech den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun an Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Här Rapporteur Franz Fayot. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV).-* Merci, Madamm Presidentin. Erlaabt mer fir d'Éischt, dem Rapporteur Merci ze soe fir säi schréftlechen a méndleche Rapport. Ech wéilt och dorunner erënneren, datt dat hei e Projet de loi ass, dee vun der viregter Justizministerin Octavie Modert deponéiert ginn ass an deen dann haut endlech hei zur Ofstëmmung kënnt.

Ech wéilt och direkt de Mataarbechter aus dem Ministère Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat de Membere vun der Commission juridique, well et ass en technesche Projet de loi, mä keen onwichtegen.

Déi Experienz, vun där de Rapporteur hei verzielt huet, déi hunn ech och als jonken Affekot gemaach, mat deem Ënnerscheed, datt ech heiansdo hu missen och fir de Rapporteur op d'Geriicht lafen, fir Kopië mat der mobiller Fotokopiesmaschinn ze maachen, fir dann déi Dokumenter ze kopéiere fir de Rapporteur, well hien e bësse méi al ass wéi ech.

Dat war ëmmer eng Aventure, well heiansdo huet een zwou Stonnen do an der Schlaang gestanen an da war et e Kampf, fir eng vun deenen dräi Steckdousen am Geriicht ze kréien, wou een da konnt d'Fotokopiesmaschinn uschléissen. Herno ware mer esou wäit, datt mer Fotokopiesmaschinne mat austauschbare Batterien haten, fir ebe méi séier kënnen ze kopéieren.

De Registre de commerce an och de Mémorial C sinn net nëmme wichteg fir d'Finanzplaz - ech mengen, déizäit, wou dat vläicht net esou gutt gelaf ass, waren eng Rei Kriticken, well d'Finanzplaz steet a fält mat der Accessibilitéit op déi Dokumenter -, mä och fir d'Geschäftswelt. An ech hu mer soe gelooss - et gëtt keng offiziell Statistiken -, datt de Mémorial C am Fong méi oft consultéiert a gelies ginn ass wéi d'Bibel, wat jo bekanntlech dat meeschtgeliestent Buch op der Welt soll sinn. An, jo, ganz vill, ganz vill Pensionären hunn herno nach ëmmer de Mémorial C bestallt, fir ze wëssen, wat fir eng Gesellschaft gegrënnt gëtt, a besonnesch, wien dann do Aktionär oder Gérant dran ass.

Dat gehéiert elo, wa mer dëst Gesetz stëmmen, zur Geschicht. Et ass, ech wëll elo net en historesche Moment soen, mä et ass awer kee Moment anodin, well de Mémorial C huet laang hei d'administrativ Prozeduren am Gesellschaftsrecht geprägt.

De Rapporteur ass op d'Prozedur agaangen. Bis haut muss een op där enger Säit d'Dokumenter beim RCS déposéieren an op där anerer Säit d'Dokumenter deponéieren, fir eben d'Publication légale am Mémorial C ze kréien.

Vläicht fir kuerz en illustratiivt Beispill ze soen: D'Konten an hirer Integralitéit ginn um RCS deponéiert. Et gëtt awer am Mémorial C just eng Mentioun gemaach, datt d'Konten deponéiert gi sinn. Am Mémorial C ginn net d'Konten tel quel deponéiert. Vläicht ass dat eng Kéier, fir illustrativ ze erklären, datt d'Leit dobaussen e bësse verstinn, wat den Ënnerscheed awer ass tëschent dem RCS an dem Mémorial C.

Mat der Informatisatioun, déi iwwert déi lescht Jore geschitt ass, ass scho ganz vill gemaach, fir méi eng rapid Accessibilitéit, mä och fir méi e rapiden Dépôt ze maachen. De Rapporteur huet et ernimmt: 97% vun den Dokumenter ginn haut schonn elektronesch deponéiert.

Mat där neier elektronescher Plattform, dem RESA, dee jo an den RCS integréiert gëtt, gëtt dat Ganzt elo nach alles méi einfach. Zäitgläich am Fong kann de Gestionnaire vum RCS, wann en d'Dokumenter kritt, fir um RCS elektronesch ze deponéieren, se och dann op där Plattform publizéieren an esou praktesch en Accès immédiat vum grand Public op déi Dokumenter gewäerleeschten. Am Gesetz ass awer nach en Délai vu 15 Deeg virgesinn, mat enger Rei Exceptiounen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mat dësem Gesetz ass also kloer eng Standardisatioun gemaach ginn, eng Accélératioun vun de Prozeduren an, wat och schonn hei ënnerstrach ginn ass, de Coût, souwuel fir déi Leit, déi Dokumenter deponéieren, gëtt reduzéiert an den Accès, fir d'Dokumenter ze consultéieren, bleift natierlech gratis.

Den drëtte Punkt ass, datt vun elo och un d'Fonds communs de placement beim RCS immatrikuléiert ginn. Haut stoung awer an enger Dageszeitung e Leitartikel iwwert d'Fongenindustrie, wou gesot ginn ass, datt d'Fongenindustrie en Domän wier vu Spezialisten, datt de grand Public am Fong do außen vor gelooss gëtt, well et eben eng ganz komplizéiert Matière ass, eng technesch Matière. Mat der Publikatioun vun de Fonds communs de placement striewe mer deem entgéint doduerch, datt déi Donnéeën och elo publizéiert ginn. An et ass och wichteg ze ernimmen, datt déi besteeënd Fonds communs de placement sechs Méint hunn, fir sech elo deem neie Gesetz ze ënnerwerfen.

Dëst gesot, nach eng Kéier e Merci u jiddwereen, deen un dësem Gesetz matgehollef huet. An ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Gloden. Dann hunn ech als nächste Riedner d'Madamm Loschetter hei stoen. Oder?

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, Madamm Loschetter!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Jo, just zwee Wierder, fir eigentlech ze confirméieren, wat de Rapporteur gesot huet, datt mer amgaange sinn, eng ganz Rëtsch vu Projet-deloien aus dem Droit de société an dem Droit commercial opzefrëschen, wann net carrément frësch ze gestalten, wat batter noutwendeg ass. Dat hei ass elo mam Mémorial C en Ufank vun der „paperless justice"; eppes, wat och dës Regierung sech virgeholl huet ze maachen. Ech denken, dat geet an déi richteg Richtung.

Mir kréien do, oder d'Justiz éischter kritt d'Moyenen, fir anescht, fir méi séier, méi effizient a schlussendlech och méi bëlleg ze schaffen. An dofir huelen ech ganz gären dëse Projet de loi hei, fir e bëssen ze weisen, datt dat déi Richtung ass, an där mer ons eigentlech bewegen.

Fir de Rescht géif ech och ganz gären dem Rapporteur e grousse Merci soe fir de méndlechen a schréftleche Rapport, awer och fir seng Aarbecht. Et ass wouer, datt hie mat senge Kompetenzen eng zousätzlech Hëllefstellung an der Commission juridique ass, mä ech géif awer gradesou gären de Mataarbechter aus de Ministèren e grousse Merci ausriichten, well ech denken, ouni déi kéime mer net esou gutt a virun allem och net esou séier virun an onser Kommissioun.

Merci!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci der Madamm Loschetter. Dann huet d'Wuert d'Madamm Beissel.

Mme Simone Beissel *(DP).-* Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech och dem Kolleeg Franz Fayot en häerzleche Merci soe fir säi schréftlechen a méndleche Rapport an dësem ganz techneschen Dossier.

Jo, wéi mer héieren hunn, de Firmeregëster huet e ganz wäite Wee gemaach, gradesou wéi eis Finanzplaz an iwwerhaapt och de breede Spektrum vun dem Lëtzebuerger Handel an de Lëtzebuerger Entreprisen. E wäite Wee, well ech kann och confirméieren, ech hunn och gelidden an deem berüümten Zëmmer vum Registre de commerce. Mä et war nach heiansdo schlëmmer. An dat ass elo eng Anekdot.

Mat Momenter, wann d'Fotokopiesmaschinn ausgefall war an et huet een iergendeppes gesicht, dann huet een zu sengem Entsetze festgestallt, dass iergendee virdrun do war a mat der Gillett alleguerten déi Säiten erausgeschnidden hat, déi ee grad gebraucht huet. An da ware keng Kopië méi do an da war e Gejäiz an hei an do. Dat hu mer alles matgemaach! Et war heiansdo de rengste Krimi an deem berüümten Zëmmer, wou mer alleguerte gelidden hunn. Dofir héich Zäit, dass déi Reforme kommen!

Et ass elo déi drëtt Phas. Elo ass et déi elektronesch Plattform, eben de RESA, deen elo agefouert gëtt. An ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, dass dat do en extrem wichtegen Outil ass, éischtens fir alleguerten d'Akteuren, mä an där anerer Hisiicht gradesou fir d'Transparenz an d'Sécurité juridique an deem ganze Secteur, well elo ka wierklech garantéiert ginn, dass all Mënsch déi Informatioune kritt, déi e grad brauch.

An dofir, vu dass dat do eng immens Plus-value ass, bréngen ech bien entendu mat Freed den Accord vun der DP-Fraktioun. Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci der Madamm Beissel. Ech hunn elo hei keng Wuertmeldung méi stoen. Ass dat esou?

Une voix.- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Dann ass dat esou. An dann huet de Justizminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.-* Merci, Här President. Ech wëll dann och mat engem Merci ufänken un all déi Leit, déi un dësem Projet de loi bedeelegt waren. Den Dépôt war, wéi schonn erwähnt, vun der viregter Regierung. Merci awer och un déi ganz Commission juridique, un de Rapporteur, de Franz Fayot. De Merci un d'Mataarbechter...

(Coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ëmmer déi zweet Rei!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.-* De Merci un d'Mataarbechter am Ministère ginn ech da ganz gären nach de Mëtteg weider. Merci awer och un d'Leit vum Registre de commerce, net nëmme fir hir Aarbecht op deem heiten Text, mä ganz allgemeng fir déi Aarbecht, déi se zënter Jore leeschten, fir hir Dynamik an hire Professionalissem. Vill vun de Reforme komme vun do. An déi Leit leeschten, wéi ech fannen, eng virbildlech Aarbecht.

De Projet de loi ass vun Ufank u parteiiwwergräifend ënnerstëtzt ginn, well et e Projet ass, deen ee jo nëmme kann ënnerstëtzen, d'Vervollstännegung vun deene Reformen, déi 2002 ugefaangen hunn. Mä et war awer e Projet, wou trotzdeem nach eng ganz Partie Aarbecht huet misse gemaach ginn. Net manner wéi véier Avise vum Statsrot, Dir hutt et erwäänt.

An Dir hutt och recht, Här Fayot, wann Der dat och an de Kontext setzt vun der Reform vun eiser Faillittegesetzgebung, op där mer jo an enger Souskommissioun hei an der Chamber am Moment ganz intensiv, a bal am Wocherhythmus, kënne schaffen. D'Reform vum Sociéteiterecht, déi elo geschwënn dierft zum Ofschloss kommen, an och déi vun dëser Regierung virgeluechten Introduktioun vun der Sàrl simplifiée, déi och gutt ënnerwee ass an och net méi allze wäit virum Ofschloss dierft stoen.

Dëse Projet huet als Haaptzil, d'Reform vun der Publikatioun am Beräich vun de Gesellschaften an den Asblen, ech géif soen, ofzeschléissen. De Mémorial C, dee bis elo déi dote Roll erfëllt huet, dee gëtt ersat duerch eng elektronesch Plattform, de Recueil électronique des sociétés et associations, ofgekierzt RESA.

An dëser Reform, dat wëll ech awer ënnersträichen, ginn eng Partie allgemeng Prinzipie vun enger moderner Verwaltung mat dësem Text och realiséiert. Ech wëll der dräi nennen, op Neilëtzebuergesch: dat Éischt, de sougenannte Prinzip vum One-Stop-Shop, deen zweeten: Open Data an deen drëtten déi administrativ Vereinfachung mat Reduktioun vun den administrative Chargen an och mat enger finanzieller Entlaaschtung fir d'Sociéteiten.

Dës Reform ass, dat ass scho gesot ginn, de logeschen Ofschloss vun enger Rei vu Reformen, zwou, déi 2002 ugefaangen hunn. Uganks 2003 ass d'Gestioun vum Handelsregëster, dem Groupement d'intérêt économique, RCSL, ënnert der Verantwortung vum Justizminister an der Zesummenaarbecht mat der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers, dem Centre informatique des technologies de l'État an dem Statec iwwerholl ginn.

Bannent e bësse méi wéi zéng Joer ass Lëtzebuerg vun engem Regëster, deen deemools nach ausschliisslech op Pabeier baséiert huet, eriwwergaangen an e Regëster, dee komplett elektronesch funktionéiert. Wärend dëser Period si sämtlech Gesellschaften, individuell Geschäftsleit an Asblen an enger elektronescher Datebank schonn opgeholl ginn. An dat sinn haut ongefëier 120.000 Dossieren.

D'Aschreiwung am Handelsregëster an d'Kommunikatioun vun den Ännerungen, déi kënnen haut vun de betraffene Leit schonn iwwer elektronesch Prozeduren ofgewéckelt ginn. An déi aktuell Donnéeë vun all deene Gesellschaften, Geschäftsleit an Asble kënnen zu jiddwer Moment a Form vun engem elektroneschen Extrait och consultéiert ginn. Dat ass eng gewalteg Erliichterung.

Zousätzlech huet wärend där Zäit de GIE Registre de commerce sämtlech komplett Dossieren, déi nach aktiv sinn, numériséiert, an dat zréck bis op d'Joer 1909, de Grënnungsdatum vum Handelsregëster. Dat sinn insgesamt iwwer 16,2 Millioune Säiten, déi haut all iwwert den Internetsite vum Handelsregëster kënnen à tout moment ofgeruff ginn. E formidabelen Outil, deen och ausgibeg genotzt gëtt.

Domat ass den Handelsregëster haut an der Lag, fir eng zouverlässeg Informatioun iwwert d'Betriber ze ginn, wat eng absolutt Noutwendegkeet ass fir eng gutt funktionéierend Wirtschaft a besonnesch och fir eng gutt funktionéierend Finanzplaz.

Mat dëser Reform, déi mer haut de Mëtte stëmmen, gëtt déi drëtt a lescht Etapp vun dëser Entwécklung ofgeschloss. Zënter dass de Regëster komplett informatiséiert ass, sinn d'Informatiounen direkt iwwert den Internet zougänglech, wat awer net de Fall war fir déi nämlecht Informatiounen, déi duerno am Mémorial C publizéiert gi sinn.

Hei konnt en Délai vun e puer Wochen, den Här Fayot huet gesot, dräi bis véier Wochen, heiansdo och emol en Délai vun e puer Méint entstoen, ier déi Publikatioun stattfonnt huet. Dank der Integratioun an där neier Publikatiounsplattform RESA um Internetsite vum Handelsregëster gëtt et an Zukunft och d'Méiglechkeet, eng Publikatioun ze maachen op deem Dag, wou d'Publikatioun vum Gestionnaire vum RCS akzeptéiert ginn ass.

Vu dass ab dem 1. Juni, wann d'Gesetz, dëst Gesetz vun haut a Kraaft trëtt, domadder all d'Prozedure vu legaler Publizitéit iwwert den Handelsregëster gefouert ginn, kann een dann och an deem Sënn vun engem One-Stop-Shop zu Lëtzebuerg schwätzen.

Virgesinn ass och, dass ab dem 1. Juni, an dat steet dann am Règlement grand-ducal, dee gläichzäiteg wäert a Kraaft trieden, d'Consultatioun vun den eenzelnen Dokumenter, déi beim Handelsregëster hannerluecht gi sinn, gratis gëtt. Dofir kann een och vun engem wichtege Schrëtt a Richtung vun Open Data schwätzen. Ervirzesträichen ass, dass de Recueil électronique des sociétés et associations genausou wéi de Mémorial C wäert kënne gratis consultéiert ginn.

De Käschtepunkt vun de Publikatiounen, wat haut bis op 200 Euro konnt pro Publikatioun eropgoen, wäert dann ab dem 1. Juni och komplett entfalen. Dat ass eng zousätzlech Entlaaschtung, nieft der Erliichterung an der Prozedur fir d'Betriber.

An engems sinn dann eng Rei Vereinfachungen am Prozess vun den Inskriptioune virgesi ginn, wat een och als administrativ Vereinfachung, wéi gesot, fir Betriber muss a ka gëlle loossen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, heimat ass konkret gewisen, wéi de Stat duerch d'Aféierung vun elektronesche Prozeduren eng Situatioun erbäiféiere kann, wou jiddwereen e Gewënner ass. De Public, dee kritt eng besser, méi séier a méi accessibel Informatioun. D'Betriber, déi kréien duerch vereinfacht Prozeduren e Service gebueden, dee méi effikass ass an däitlech manner kascht.

An d'Madamm Loschetter huet ganz recht, wa se och nach d'Dier opgestouss huet zum Stéchwuert „paperless justice". Dat betrëfft dann d'Justiz fir sech, mä et ass deeselwechten Effort, dee mer am Beräich vum Handelsregëster virun zwielef Joer, viru 14 Joer ugefaangen hunn, dee mer och wëlle generaliséiert bei all den Akteure vum Justizwiesen och kënnen ufänken an zu engem Ofschloss bréngen. Ob dat ass fir d'Magistratur, ob dat ass fir d'Affekoten, ob dat ass fir d'Notairen, ob dat ass fir d'Dierwiechter, sämtlech Dokumenter sollen an Zukunft ënner elektronescher Form kënnen a mussen ausgetosch ginn.

An de Procédures judiciaires, dat ass e Méijoresprojet, do si mer méi laang amgaangen, dat wësse mer, dat wäert méiglecherweis iwwert dës Legislatur souguer wahrscheinlech mussen erausgoen, mä de Projet ass multi- a pluriannuel budgétiséiert. Dat gëtt kee klenge Käschtepunkt vu viraussiichtlech iwwer 30 Milliounen Euro. Mä um Enn steet och am Justizwiesen déi komplett Ëmstellung op elektroneschen Aus-

tausch, op elektronescht Archiv. Dat ass eng absolutt Noutwendegkeet.

Déi Reform wäert vun dëser Regierung ugefaangen a weidergefouert ginn. An ech mengen, dat sinn absolutt noutwendeg Démarchen an Investitiounen, déi mer zu Lëtzebuerg musse virhuelen. Mir däerfen do roueg bei de Virreider sinn. Dat steet eisem Land an eiser Wirtschafts- a Finanzplaz ganz gutt zu Gesiicht.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Minister.

A mer géifen dann direkt zu der Ofstëmmung vum Projet de loi 6624 iwwergoen, awer net, ouni dass ech lech drop opmierksam gemaach hunn, dass am Intitulé e liichten Tippfeeler entstanen ass, deen awer elo keng Konsequenzen huet. Mä ech wollt lech drop opmierksam maachen. Dann hu mer deen direkt besäitegt. Dat ass am Intitulé de virleschte Paragraf, do steet «loi» an do soll et heeschen «la loi». Et ass am Intitulé, et ass also net an den Artikelen. Mä ech wollt lech et gesot hunn, dass mer dann direkt mam Vott dat dote rectifiéieren.

(Brouhaha)

Merci!

Also, mir géifen zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6624 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo geschwënn ofgeschloss. Mir hu bei 59 Deputéiert, déi direkt oder indirekt deelgeholl hunn, 59-mol Jo. An domat ass de Projet eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech wollt d'Chamber nach froen, ob se d'Dispens vum zweete Vott gëtt?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Domat ass d'Sëtzung eriwwer a mir gesinn eis muer de Mëtten um zwou Auer erëm. Merci villmools!

(Fin de la séance publique à 16.51 heures)

SÉANCE 32

MERCREDI, 11 MAI 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 6792 - Projet de loi portant modification:

1. des articles L. 126-1, L. 241-1 et L. 426-14 du Code du Travail;

2. de l'article 9 de la loi modifiée du 28 novembre 2006 portant 1. transposition de la directive 2000/43/CE du Conseil du 29 juin 2000 relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre les personnes sans distinction de race ou d'origine ethnique; 2. transposition de la directive 2000/78/CE du Conseil du 27 novembre 2000 portant création d'un cadre général en faveur de l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 3. modification du Code du Travail et portant introduction dans le Livre II d'un nouveau Titre V relatif à l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 4. modification des articles 454 et 455 du Code pénal; 5. modification de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées;

3. de l'article 1er de la loi du 13 mai 2008 relative à l'égalité de traitement entre hommes et femmes;

4. de l'article 1ter de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

5. de l'article 1ter de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

6. de l'article 454 du Code pénal

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: Mme Taina Bofferding*
- *Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval (interruptions par M. Alex Bodry et M. le Ministre Nicolas Schmit), M. André Bauler, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire (interventions de M. Marc Spautz, Mme Sylvie Andrich-Duval et M. Marc Baum)*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. 6755 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché des équipements sous pression,

6768 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché du matériel électrique destiné à être employé dans certaines limites de tension,

6793 - Projet de loi concernant la compatibilité électromagnétique,

6800 - Projet de loi concernant les ascenseurs et les composants de sécurité pour ascenseurs et modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets,

6806 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché d'articles pyrotechniques

et

6816 - Projet de loi portant création d'un système de traçabilité des articles pyrotechniques

- *Rapports de la Commission de l'Économie: Mme Tess Burton*
- *Discussion générale: M. Félix Eischen, M. Max Hahn, M. Gérard Anzia, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie*
- *Votes sur les projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*

4. 6877 - Projet de loi

a) portant certaines modalités d'application et les sanctions du règlement (UE) n°517/2014 du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relatif aux gaz à effet de serre fluorés et abrogeant le règlement (CE) n°842/2006;

b) modifiant la loi du 11 août 2011 portant exécution et sanction du règlement (CE) n°1005/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone;

c) abrogeant la loi du 28 juillet 2011 portant exécution et sanction de certains règlements communautaires relatifs aux installations contenant certains gaz à effet de serre fluorés

- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Roger Negri*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Henri Kox, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser (dépôt d'une motion), M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*
- *Motion 1: M. le Secrétaire d'État Camille Gira, M. Claude Wiseler (intervention de M. le Secrétaire d'État Camille Gira), M. Henri Kox, M. Roger Negri, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner, M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, M. Henri Kox*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

5. 6917 - Projet de loi modifiant les articles 11 et 14 de la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*
- *M. Gast Gibéryen (parole après ministre), M. le Secrétaire d'État Camille Gira (interventions de M. Claude Wiseler), M. Claude Wiseler*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. Projet de loi 6877 (suite)

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *M. David Wagner*

7. Question élargie n°16 de M. Gusty Graas relative aux négociations entre l'Union européenne et le Mercosur

- *M. Gusty Graas - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs (interruption par M. David Wagner)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Nicolas Schmit et Fernand Etgen, Ministres; M. Camille Gira et Mme Francine Closener, Secrétaires d'État.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter